

Lëtzebuerg, den 9 juin 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„Eng rezent amerikanesch Studie mam Titel „Contribution of dairy products to environment impacts and nutritional supplies from United States agriculture“ kënnt zur Konklusioun, datt eng Landwirtschaft ouni Kéi an den USA d'Emissiounen vun Zäregasen nëmme geréngfügeg verréngere géif. D'Studie huet och analyséiert wat fir Auswierkungen eng alternativ Landbenotzung vun de Fudderflächen hätt. Dobäi hu si verschidden Zenarien analyséiert, wéi zum Beispill e komplett Ofschafe vun de Mëllechkei oder och eng Vollweide-Haltung vun de Kéi ouni Mëllechproduktioun. Géifen d'USA vollstänneg op d'Hale vu Mëllechkei verzichten, géifen hir Zäregasemissiounen just ëm 0,7% erofgoen. Gläichzäiteg wieren awer essentiell Nierstoffe just nach limitéiert verfügbar. De Wëssenschaftler no géifen all d'Zenarien, an deenen d'Emissiounen reduzéiert ginn, och d'Disponibilitéit vun essentiellen Nährstoffe reduzéieren.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ass dem Minister dës Etude bekannt?*
- *Kann een d'Konklusioun aus dëser amerikanescher Etude eventuell och op déi lëtzebuergesch Landwirtschaft iwwerdroen?*
- *Gouf zu Lëtzebuerg och schonns analyséiert wat fir en Afloss d'Ofschafen, bzw. d'Verréngere vun de Mëllechkei op d'Emissiounen vun Zäregasen hätt?*
- *Falls net, ass esou eng Etude geplangt, besonnesch och an Hisiicht op dat zukünftegt Agrargesetz wat d'Verréngere vun Véibestand virgesäit?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS  
Deputéierten